**Eis Virschléi déi mir als gréng Fraktioun dem Schäfferot raginn hunn:**

- „leicht verständliche Sprache“ zu „leichte Sprache“ ëmbenenne well dëst sinn zwee ënnerschiddlech Saachen
- Finanzkommissioun --> ee Bilan a Finanzéierungsplang fir déi nächst 5 Joer aféieren (dëst net als lästeg ugesi mee als ee wäertvoll Instrument fir d'Gemengefinanzen)
- naturno kommunal Kinderkrippe fërderen
- Spillplazen an d'Stadtmobilar barrièrefräi ausriichten
- Vëlosdag fir Kanner aus dem Fondamentale aféieren
- journée des jeunes électeurs --> proaktiv op déi Jonk zougoen an se zB an d'Aarbecht vun de Walbüro'en abannen
- CHNP ënnerstëtzen an sech fir d'Jugendpsychiatrie staark maachen
- méi op Preventiounsaarbecht setze wat d'Drogen- an d'Suchtsproblematik ugeet mee och d'Kriminalitéit generell an eiser Gemeng (Dezentralisatioun vu Strukturen (Nordstad), Streetwork-Projeten...)
- méi Efforte beim Klima- an Ëmweltschutz zB mat enger Verstäerkung vum service écologique an dem Ënnerschreiwe vum Naturpakt, méi proaktiv op d'Bierger*innen zougoe virun allem bei der Energietransitioun an der Energiesanéierung --> Gemeng kann Ureizer schafe fir d'Bierger*innen ze motivéieren ëmzeklammen resp. energeetesch ze sanéieren
- Fest fir nei Bierger*innen --> d'aktiivt Abanne vun de lokale Veräiner!
- Konzepter fir betreit Wunne fir Senioren entwerfen an konkret mat Partner (wei dem Pontalize) ëmsetzen
- Gestioun vun eise Gemengegebaier an engem eegene Service garantéieren
- Bau vun neie Sports- a Kulturinfrastrukturen - och fir Privatleit - soll Prioritéit beim Sport an der Kultur sinn!
- op de Slow- a Mountainbike-Tourismus setzen
- Co-Working spaces an eiser Gemeng schafen!
- regional Konzepter mat den Nordstad-Gemengen endlech konkret ëmsetzen
- Projet "Al Synagogue" als musealen Zentrum ënnerstëtzen

**Gréng Analyse Schäfferotserklärung**

<u>1. Block: Kommunale Verwaltung, Bauen an Informatiounspolitik</u>

- Mir begréissen do natierlech de Bibliothéik-Projet - och am Sënn vun enger regionaler Bibliothéik – de Biergerbudget, dee mir jo och am Walprogramm bei eis dran haten, an dass op méi Digitaliséierung gesat gëtt. → Gläichzäiteg ass des awer och schleefe gelooss ginn soudass et do Verschiddenes nozehuele gëtt zB sms2citizen ass nach ëmmer schlecht bis guer net funktionell

- Gendergerecht Sprooch gëtt generell ni thematiséiert wann et em d'Kommunikatioun vun der Gemeng geet oder och eis Publicitéit als Gemeng kéint méi inklusiv gestalt gi fir d'Diversitéit vun alle Bierger*innen remzespigelen bspw. mat och mol enger gläichgeschlechtlecher Koppel an net just wäisse Persounen

- Mir kruten et och net hin méi Fraen an de Gemengerot oder an eis CA'en ze kréien – gespaant duerfe mer op des Besetzungen an de Kommissioune sinn

- Méisproochegkeet muss an de Fokus geréckelt ginn, eise Site ass bis dato just op 2 Sproochen iwwersat

- Live-Stream vum Gemengerot fir nach méi Transparenz

- Biergerbudget ass positiv mee Biergerbedeelegung muss endlech och ëmgesat ginn och schonn 2017 gouf gesot dass ee bei grousse Projeten d'Bierger*innen mat abënnt mee d'Vëloskonzept zB steet mëttlerweil wat Planung ugeet an trotzdeem ass do nach keng Versammlung fir d'Bierger*innen gewiescht wou een dat ganzt Konzept erkläert kritt hätt

<u>2. Block: Finanzen</u>

- Finanzkommissioun: Stäerkung vun der Finanzkommissioun jo natierlech mee dann och oppen si fir zB ee 5 Jores-Finanzplang opzestellen an dëst als wäertvollt Instrument bei de Gemengefinanzen ugesi wat mir jo och an eise Verbesserungsvirschléi schonn ageworf haten

3. Block: Schoul- a Jugendpolitik

- Zum Thema vun der Ëmstrukturéierung vun eisem Schoulkomplex froe mir eis natierlech wat de Plang mat der MR genee ass an wéien Ëmbau do stattfanne soll?

- Wat ass ënnert enger kommunaler Crèche ze verstoen? Hei haten mir jo och schonn drop higewisen dass mir et begréisse géife wann des naturno ausgeriicht géif gi well et mëttlerweil bewisen ass dass de Kontakt mat der Natur positiv Auswierkungen op d'Kanner huet

- Desweideren begréisse mir de Pedibus an de Pedivelo mee dofir mussen d'Infrastrukture besser gi fir dass d'Kanner mam Vëlo oder zufouss an d'Schoul fueren resp. goe kennen. Bspw. mussen d'Vëlosweeër koherent a méi sécher ginn an och am Stroosseraum mussen d'Geforepotentialer an Ugrëff geholl ginn. Zousätzlech muss eng coupe scolaire och rëm kennen an engem realistesche Kader stattfannen d.h. net isoléiert um Däich an engem „pädagogeschen Verkéiersgaard" mee och am Stroosseraum a wann do d'Argument ass dass dat ze geféierlech ass dann ass de Pedivelo och ze geféierlech a souwisou allgemeng d'Vëlofueren an eiser Gemeng
- Iddi fir eng journée vélo fir Kanner aus dem Fondamental haten mir op dëser Plaz jo och proposéiert
- Mir begréissen dass d'Gemeng Projete wéi d'Up-Fondation oder den Eltereforum ënnerstëtzen well. Desweideren si mir frou dass endlech mëttelfristeg iwwert ee Kannergemengerot an iwwert d'Abannen an d'Sensibiliséierung vun de Jonken nogeduecht gëtt well mir dat jo och well laang fuerderen
- Wat d'Quartéierschoulen ugeet gesi mir grondsätzlech d'Quartiersschoulen als potentiell problematesch u vue dass een, eiser Meenung no, Gefor leeft géint eng Integratioun an eng Inclusioun am schoulesche Milieu ze schaffen. Fir eis muss dëst Konzept och an der Kommissioun vum Zesummeliewen an natierlech an der Schoulkommissioun diskutéiert ginn. Dofir sollt een och prinzipiell, jee no Méiglechkeet, doriwwer nodenken d'Kanner op d'Schoulen no Cyclë opzedeelen resp. aner Alternative fanne fir d'Kanner aus alle soziale Schichte beieneen ze halen. Grondsätzlech si kleng dezentraliséiert Schoulen awer fir eis positiv ze bewäerte vue dass een des och besser geréiere kann an ee besser a méi individuell op d'Besoine vun de Kanner kann agoen. Eis ass et hei just Baang ëm d'Integratioun an d'Zesummeliewe vue dass mer schonn eng immens divers Gesellschaft sinn.

4. Block: Gesondheet, Senioren a Sozialpolitik

- An dësem Block ass keng eng Kéier iwwer den CHNP geschwat ginn – wat maache mir do als Gemeng fir dësen ze ënnerstëtzen? Eis wier hei zB wichteg sech staark ze maache fir d'Jugendpsychiatrie wat mir och schonn als Verbesserungsvirschlag raginn hu mee och generell brauche mer gutt Synergië mat eise lokale Gesondheetsstrukturen
- Zousätzlech beschäftegt eis och d'Zukunft dofir muss een déi Fro opgräife wou mer als Gemeng de CHdN a 15-20 Joer gesinn? Wann net méi genuch Plaz ass an eiser Gemeng, bleift se dann awer an eiser Regioun resp. an der Nordstad? Sinn des Gedanke schonn um Dësch? Wéi geet et viru mam Ausbau vun der Klinik?
- Betreit Wunne soll mol virugedriwwe ginn, dat ass ee wichtegt Thema a stoung och schonn an der anerer Erklärung; hei kann een och iwwert alternativ Modeller nodenke wéi zB een Zesummeliewe vu Seniore mat Student*innen
- Desweideren ass den Accessibilitéitscheck fir den ëffentlechen Raum immens positiv ze bewäerten, dëst hëlleft jo net just den eelere Matbierger*innen mee och all den anere Leit mat enger Aschränkung
- Och d'Areal am Uelzechtpark, wat fir Jonk an Al soll amenagéiert ginn, soll barrièrefräi an accessibel fir jiddwereen*t dann och sinn
- Dann steet an der Erklärung "Soziale Analyse der Gemeinde und Herausfiltern von Handlungsfeldern" → Wat soll dëst konkret heeschen? An där leschter Erklärung steet wéinstens dass ee präventiv géint Gewalt, Drogen an d'Suchtproblematik well virgoen, hei kéint een als Gemeng Initiativen ënnerstëtzen oder och sensibiliséieren; des Kéier gëtt guer net iwwert des Problematike geschwat wat mir staark bedaueren

<u>5. Block: Logementspolitik</u>

- Nohalteg Stadentwécklung: wat heescht dat fir iech? Fir eis heescht dat net dass mer grouss Haiser iwwerall wëlle bauen oder de Bauperimeter erweidere wëlle mee et muss een awer iwwert dee Wuesstem nodenken deen ee fir den 3. Entwécklungspol wéilt hunn, wat jo awer hei um Dësch ee Konsens ass dass mer d'Nordstad developpéieren als souee Pol mee dofir brauche mer halt och genuch Logement bei eis an och genuch abordabele Logement. Desweideren ass et eis och an der Mobilitéit net gehollef wann an der Nordstad méi Aarbechtsplaze sollen hikommen an d'Leit dann zu Feelen wunnen an net zu Ettelbréck an dann awer fir all Transport zB den Auto huelen. Fir dat eng Kéier mat Zuelen ze beleeën: Lëtzebuerg ass säit 2006 vu ronn 470.00 (469.086) op 661.000 (660.809) Awunner 2023 geklomme. Dat ass ee Wuesstem vun 41% insgesamt oder am Duerchschnëtt pro Joer 3,28%. Ettelbréck hat 2006 7.457 Awunner an Ufank 2023 9.688. Dat ass ee Wuesstem vun 30% insgesamt oder 3% pro Joer. Mir leien also ënnert dem nationalen Duerchschnëtt. D'Zuelen si vum STATEC. An nee mir wëlle keen onkontrolléierten an extreme Wuesstem, mir stelle just fest dass mer d'Nordstad als Agglomeratiounspol entwéckele wëllen a mir wëllen dass méi

Leit méi no un hirer Aarbecht wunne kennen a soumat sech och manner deplacéiere musse resp. fir méi kleng Strecke léiwer de Vëlo, de Bus oder den Zuch huelen an dëst sollte mer mat engem **konkrete Konzept** fërderen OUNI awer dëst géint den Natur- a Klimaschutz auszespillen. Net just de Logement mee och aner Infrastrukture missten dann natierlech nohalteg ausgebaut ginn. Mir kenne jo net wëllen dass ronderëm d'Nordstad alles immens wiisst an sech herno awer net op d'Agglomeratioun Nordstad fokusséiert gëtt wou mer jo eigentlech de Wuesstem wëlle steieren. Déi begrenzte Plaz déi mer an eiser Gemeng hu gëllt et effizient a strukturéiert ze notzen.

- Dass Gemeng sech beim abordabelen a soziale Logement bedeelegt ass fir eis guer keng Fro mee dëst soll wegl mat engem Konzept a Plang geschéien an net willkürlech Gebaier opkafe bspw. d'Haiser ronderëm d'Schoul, déi mer initial opkaaft hu fir d'Primärschoul iergendwann auszebauen a wou elo Jore laang näischt geschitt ass an an Zukunft och nach net zäitno eppes geschéie wäert. Duerch deels d'Konzeptlosegkeet an déi steigend Unzuel u Gebaier a Gemengenhand brauche mir eiser Meenung no e Gemengeserviss fir d'Gestioun vun den Immobilien, och besonnesch a Bezuch zu de Geschäftslokaler. Do drängt sech och d'Trennung sozial Wunnenge versus "normal" Wunnengen op fir een Iwwerbléck vun allem ze behalen – dëst haten mir jo och an eis Virschléi agebaut.
- Fir d'Stadentwécklung muss ee richtegt **Konzept** kommen dat alles zesummefaasst an och Faktore wéi Ëmwelt-, Klimaschutz a Mobilitéit mat berécksiichtegt; och hei muss een sech da mat dem Parkraummanagement ausernee setzen an eventuell de Parking residentiell ëmstrukturéieren zB just 2 Vignetten amplaz 3 pro Haushalt, dezentrale Parkraum fir Residenten etc.

<u>6. Block: Ëmwelt, Energie an nohalteg Gemengenentwécklung</u>

- Bei der Energiepolitik ass zB keng Zilangab, et gëtt een sech weder eng Deadline fir wéinstens eis eege Gebeier energeetesch bis dohin sanéiert ze hunn an do wou et machbar ass mat PV'en auszestatten, nach gesi mir hei ee Punkt wou d'Gemeng Ureizer mee och Ënnerstëtzung zB mat Subsiden oder Berodunge gëtt fir Leit ze motivéieren an hinnen ze hëllefen op erneierbar Energien ëmzeklammen oder fir Sanéierungen. Hei ass zB och een Element nach eemol op dat neit Bautereglement ze kucken a ggf. do nacheemol nozebessere falls noutwenneg. Weidere Punkt ass dass ee bei Energieprojeten de Bierger*innen ka proposéieren och eppes dovunner ze hunn a Form vu Kooperativen an et kann ee proaktiv op se duergoen.
- Begréngung: de Förderschutzprogramm fir d'Bongerte war och schonn an där leschter Erklärung an do ass leider net vill geschitt bis dato
- Ausbau der Gemeinschaftsgärten für private Nutzung → Gemeinschaft vs. Privat, ass et dann nach ee Gemeinschaftsgaart?
- Onkonkret Mesurë beim Naturschutz zB Verstärkung der urbanen Begrünung + Option für Pflanzen im öffentlichen Raum → Wat heescht dat konkret? Gett dat elo gemaach oder net? Soll et hei net wéinstens ee Konzept ginn? Gett

dat just op verschiddenen Plaze gemaach oder op méi Plazen, wéi eng Beplanzung ass dat dann? Leeën mir hei Wäert op naturno an eenheemesch Planzenaarten etc?
➔ dat selwecht bei den 1000 neie Beem: wéi eng a wouhin? Wat ass d'Zil heivunner?

**Fazit**: Konkreten Naturschutz ass hei just Begréngung a Beplanzung ouni Konzept oder Zilangab, et ass kee Wuert iwwert eng biologesch Statioun egal ob et Sicona zB ass oder net gefall, och de service écologique gëtt net ausgebaut, mir maachen net beim Naturpakt mat, mir huele keng Precautioune fir extreem Hetzten oder Iwwerschwemmungen, gëtt et hei iwwerhaapt ee Plang fir Noutfäll deen ee vläicht iwwerschaffe misst? Wat gëtt fir Déieren am stättesche Raum gemaach? Insektefrendlech Wellwisen, Insektenhotel oder Vigel- an Fliedermeisnäschter wou et Sënn mëscht? Kreativitéit an d'Motivatioun fir Initiative bleiwe bei dësem Kapitel leider fir eis aus.

**Allgemeng**: Mir hunn eng Klimakris, mir spieren de Klimawandel an hei gesinn ech dass mir just de Minimum maachen zB „nach den Vorgaben der Klimaobjektive" oder „Umsetzung der Maßnahmen der großherzoglichen Reglemente" → dat si Saachen di mer *musse* maache mee mir hu méi Verantwortung hei wéi dat doten a fir mech ass dat schéin ze liese mee just de Minimum, et ass keng proaktiv Politik wou mer d'Bierger*innen ënnerstëtzen an der Energietransitioun oder och konkret Projeten ëmweltschutztechnesch ausbauen.

Desweideren kenne mer och bei der Informatioun a Sensibiliséierung zB op Green Events setzen an 1-2mol am Joer net just een Ëmweltdaag maache mee och eppes am Kader vum Natur- a Klimaschutz organiséieren an d'Bierger*innen abannen (dat gi souguer Punkten am Klimapakt!!!); proaktiv sinn, Ureizer schafen, op eise Fester méi op veggie a vegan Alternative setzen an an an... Et ginn hei Méiglechkeet mee da komm mir notzen se och a maachen een Effort!

An dësem Block ass jo per se näischt Schlechtes dobäi, ech menge mir wëllen méi erneierbar Energien, mir mussen déi Energietransitioun hikréien. Mir wëlle méi Klimaschutz, méi Kreeslafwirtschaft, méi Naturschutz, ee bessere Ressourcenmanagement. Mee dat geet och net ouni ee groussen Effort. Eis geet dat heiten opallefall net duer, et ass de Minimum, hei gëtt dat beschriwwe wat mer quasi „mussen" maachen an zousätzlech planze mer nach puer Beem fir dass et gutt ausgesäit.

Fir mech enttäuschend; och an der Schäfferotserklärung gesäit een also nees dass den Ëmweltschutz am generelle keng Prioritéit vun dësem Schäfferot ass.

<u>7. Block: Sport a Veräiner</u>

- Fir eis huet ënner anerem hei d'Schafe vun engem Raum fir Veräiner a Privatleit an de Projet vun neie Sportinfrastrukture fir d'Veräiner Prioritéit. Sport a Kultur mussen hier fest Plaz an enger Gemeng hunn a Veräiner, wou d'Zesummeliewe stattfënnt, ënnerstëtzt gi wat zum Deel jo och an der Erklärung drasteet mee wou mir hoffen dass dat eng Prioritéit vun dësem Volet ass an do Léisunge fonnt ginn.

- Dann sollen d'Veräiner eiser Meenung no ee feste Bestanddeel si vum Wëllkommensfest vun den neie Bierger*innen, wat mer och schonn am Virfeld bei de Verbesserungsvirschléi proposéiert hunn, fir dass nei Bierger*innen direkt wësse wéi eng Veräiner et fir hier Kanner ginn oder wou se vläicht selwer kënnen aktiv ginn.

<u>8. Block: Kultur, Fräizäit an Tourismus</u>

- "Organisation von multikulturellen Tagen" an d'Punkten "Einrichtung von Freizeitinfrastrukturen" an "Organisation neuer Events" → gëtt et hei Beispiller oder konkret Iddien? Wéi eng Fräizäitinfrastrukture sinn dat?
- "EttelbruckPlage"?? Sommerrodelbahn?? → wat muss ee sech hei drënner virstellen?
- Schintgenhaal an de Projet Herckmannsmillen tauchen ëmmer nees an de Schäfferotserklärungen op an hunn och schonn ee laange Baart; et wier gutt wann hei mol Saache konkret géife ginn
- Parkfriedhof → Hu mir net elo ee regionale Bëschkierfecht an der Nordstad? Sollte mer net kucke wat mer mat eisem momentanen Kierfecht maache wann dësen "ze kleng" gëtt?
- Projet Al Synagogue soll net just een Ort der Erinnerung si mee do solle mir als Gemeng déi néideg finanziell a moralesch Ënnerstëtzung ginn zum enge bei der Renovéierung vun der Synagogue mee och bei der Ausaarbechtung vun engem musealen, kulturellen a pedagogesche Konzept fir doduerch an eiser Gemeng kennen een Beräich ze schafen wou kulturell souwéi och pedagogesch Events stattfanne kennen déi d'Zesummeliewe mateneen, Toleranz a Respekt an eiser Gesellschaft fërdere sollen.

9. <u>Block: Stroossebau, Barrièrefräiheet a Verkéier</u>

- Positiv ze bewäerten ass dass mer hei um Dësch wuel ee Konsens hunn dass mer eis Stroossen méi verkéiersberouegt solle maachen an dass een den Ausbau vun der Elektromobilitéit an den e-Bikes mat zousätzleche Luetstatiounen ausbaue soll. Bei der Verkéiersberouegung an der Fërderung vun der doucer Mobilitéit gi Schëlder awer eleng net duer mee mir brauchen

och strukturell Infrastrukturen. Desweideren ginn et och nach Optiounen wéi den Trottoir traversant, wat näischt anescht ass wéi ee bei enger Kräizung duerchgezunnen Trottoir wou dem Auto dann direkt kloer signaliséiert gëtt dass de Foussgänger an d'Foussgängerin Virfaart huet.

- Och den ëffentlechen Transport ass ee wichtege Volet dofir sollen d'Busarrêten attraktiv gestalt ginn – hei ass awer net just een Ënnerdaach wichteg mee och zB elektroneschen Tableau'en an inklusiv Sëtzméiglechkeeten

- "Befürwortung der sanften Mobilität durch Schaffen von **attraktiven Fahrradwegen** auf dem ganzen Gemeindeterritorium mit Einbeziehen der Bürgervorschläge welche im Programm „Carticipe" erstellt wurden → 2017 ass do den Opruff gestart gi mee wéi vill vun dëse Propose fannen sech schlussendlech hei erëm? Et gëtt ee Konzept a laangjäreg Studien mee nach vill Mängel an Ausbesserungsbedarf um Terrain och wann et fir eis an déi richteg Richtung geet

- Fahrradverleihstellen? Maache mir dat als Gemeng, iwwerhuele mir do ee Konzept a la 'Veloh' oder wat maache mir do? Ass dat och fir E-bikes?

- Klengen an dezentraliséierten **Parkraum** fir Residentë fanne mir prinzipiell gutt mee och hei sollen déi Leit Accès op des Parkplazen hunn déi keng Stellplazen oder soss Garagen hunn

- **Vernetzung** des Bummelbus, Citybus und der Taxidienste damit alle Wohngebiete der Gemeinde ohne private Automobile erreichbar sind → fueren Taxi'en net elo schonn iwwerall hunn? Wat genau ass hei gemengt? Ech huelen un dass dëst och méi fir eeler Leit geduecht ass an dësem Kontext; generell soll och beschtefalls eng Ubannung mam Vëlo an zufouss accessibel sinn!!

- **Generell**: Déi Punkten hei si jo per se net schlecht, mir begréissen een Ausbau vun der doucer Mobilitéit an och dass een de Raum méi accessibel well maachen a méi verkéiersberouegt Stroossen well aféiere mee et läit och drun dat een dat ëmsetzt → siehe Vëloskonzept wou mer elo laang genuch drop waarden an et nach ëmmer plazeweis eng Katastroph ass och wann et scho Verbesserunge goufen. Desweideren bréngt et fir eis näischt wann ee Vëlosstatiounen oder Waschanlaagen, déi ech perséinlech lo bëssen onnéideg fannen, oder eng Verleihstelle ariicht wann d'Vëlosinfrastruktur schlecht ass. Et ass rëm dat Beispill mam Zuch an de Schinnen, et bréngt näischt eng Lokomotiv ze kafen wann d'Schinnen net geluecht sinn.

10. Block: Bautepolitik an Infrastruktur

- Chantier Gare begréisse mir dass eis Iddie vun der Jugendherberg vun der Majoritéit matgedroe gëtt

- Maartplaz do weess jiddwereen*t heibannen eis Meenung dozou dofir ginn ech net méi dorop a firwat mir des konkret Ëmsetzung vum Projet net gutt fanne mee wisou grad hei eng 30 Minutte Gratisperiod fir d'Parken aféieren? Ass et net kontradiktoresch wa mer dach den Auto aus dem Stadkär wëllen eraushunn an eist deiert Parkhaus 200m weider wëlle fëllen?

- Ënnerierdesche Parking Place de Libération → hei sollt een sech vläicht d'Fro stellen ob een nach souvill Parkplazen brauch am Stadkär wann de Parking um Däich ass, deen op der Gare kennt an och zu Ierpeldeng an Dikrech Parkhaiser kommen; dee Chantier gëtt eng grouss Envergure an et kann een en herno jo net einfach nees wechhuele → Beréngung vun der Plaz jo mee brauch een dann all di Parkplazen nach oder kann een sech vun engem Deel entbehren an ee Kompromëss fannen?

- Kiercheplaz stoung och leschte Kéier well dran an do muss och eppes geschéien dass di Plaz méi attraktiv gëtt an d'Leit Loscht hunn sech do opzehalen

- Virum Postgebai → mir begréissen dat, do muss ee lo kucke wat machbar ass op där Plaz

- An wat geschitt mat der aler Bibliothéik an dem fréiere Pompjeesbau wann de Consum bis fäerdeg ass?

11. <u>Block: Sécherheet</u>

- Erhöhung der Zahl der Polizeibeamten → Wéi? Dass dach eng national Fro ausser d'Gemengepolice gëtt elo mat CSV-DP schnell agefouert

- **STREETWORK ausbaue** → dat sollt prioritär si well de Besoin ass do an dat stoung och well viru 6 Joer dran an dat eenzegt wat geschitt ass ass dass d'nordstadjugend asbl. eppes op d'Bee gestallt huet; do muss elo endlech eppes nokommen!

- Mir schwätzen ëmmer iwwert Sécherheet zu Ettelbréck mee säit ech am Gemengerot setzen hunn ech nach kee lokale Sécherheetsplang gesinn?

- Wichtege Punkt ass hei d'Attraktivitéit vun eiser Gemeng an den eenzele Quartéieren – méi Leit = manner ee Gefill vun Onsécherheet → de Bierger*innen nees méi Plaz gi fir sech fräi ze beweegen am Stadkär a Plazen attraktiv gestalten –> Beréngungen, attraktiv Sëtzméiglechkeeten a Spillplazen; op verschiddenen Plaze brauch et nei Beliichtungskonzepter etc.

- Sécherheet ass eppes wat mer eescht huele sollten a wou mer méi op Präventioun setze sollen sou wéi mir et och an eise Virschléi gefuerdert hunn

12. Block: Geschäftswelt an Tourismus

- Start-Ups ënnerstëtzten ass positiv

- Co-working spaces an der Gemeng ubidde wier fir eis nëmme sënnvoll an dat hate mir iech jo och proposéiert vue dass Ettelbréck gutt vernetzt ass duerch den ëffentlechen Transport an sou d'Weeër fir vill Leit méi kuerz kéinte gi fir schaffen ze goen

- Generell op de slow tourism (→ mtb- a Wandertourismus) setzen, mir hunn eng schéin Natur an eiser Nordstad also firwat des net an d'Vitrinn stellen

- Stad méi attraktiv maachen duerch z.B. d'Opwäertung vun eisen Terrassen, shared spaces a gréinge Plaze wat dem Commerce, der Sécherheet wéi och dem Tourismus an eiser Stad géif ze gutt kommen

13. Block: Nordstad, interkommunal a regional Entwécklung an Zesummenaarbecht

- Positiv ze bewäerten dass mer d'Nordstad 1. wëlle virun dreiwe mee och 2. regional probéieren ze denken zB mat de Sportsinfrastrukturen, sou kennen mir eis Fläche méi effizient an nohalteg benotzen

- Regional ze bewäerten an zesummenzeschaffe sinn awer och den Ëmweltschutz oder d'Energietransitioun zB beim Bau vu Wandmillen oder bei der Drénkwaasserversuergung dofir ass et fir eis essentiel dass mir regional plangen a konkret Projeten zesummen an enger Kollaboratioun ëmsetzen

- Zousätzlech ass de Wonsch fir d'Nordstad virunzedreiwen um Pabeier oft ze gesinn an et gouf och gesot dass een sech no de Walen sou séier wéi méiglech dowéinst treffe wéilt mee säit de Gemengewalen ass do nach net vill geschitt an d'Schäfferéit souwéi och d'Buergermeeschteren hunn sech bis dato nach net gesinn.

- Wann d'Nordstad keng Prioritéit fir jiddereen*t ass, da wäert aus dem Projet ni eppes ginn. Et ass elo des Legislaturperiod eis Chance fir de Projet zesummen virunzedreiwen.

- Den Ettelbrécker Gemengerot steet komplett hannert der Fusioun. D'CSV an d'LSAP sollten d'Oppositioun hei endlech als Partner ugesinn a reegelméisseg (an ongefrot) d'Informatioune viruginn. Och mir gi reegelméisseg zur Fusioun gefrot, a kënnen ouni Infoe keng Äntwerte ginn an d'Leit kréien dann ëmmer méi d'Flemm. D'Oppositiounsparteie (an dat net just zu Ettelbréck) si wichteg Multiplicateure fir dës Fusioun, dat sollt een endlech seriö huelen.

➔ Ofschléissend ass ze soen, dass an der Schäfferotserklärung vill gutt Iddien a Projeten drastinn déi mir och ënnerstëtzen. Leider sinn och vill Punkten dobäi, déi nach ëmmer net ëmgesat goufen och wann se schonn oft an enger Schäfferotserklärung drastoungen an et si Punkten dobäi déi onkonkret si resp. eis definitiv net wäit genuch ginn. Grad beim Klima- an am Naturschutz bleiwen ambitiéis Ziler a kreativ Virschléi aus. De Volet Mobilitéit hellt Form un a geet an déi richteg Richtung mee och hei gëtt et nach vill Ausbesserungspotenzial a Verschiddenes huet vill ze laang geschleeft – dat selwecht gëllt och an der Secherheetsdebatt wou mer gären op d'Preventioun setzen an wou mer well laang op ee Streetworkprojet – och fir Erwuessener - waarden. Konkret Zilsetzungen resp. zesummenhänkend Konzepter sicht ee weiderhi vergeblech.
An de wichtegen Dossiere bleift trotzdeem nach genuch ze dinn an mir kennen nëmmen hoffen dass d'Motivatioun fir méi ambitiéis Ziler a verschiddenen Domainer am Laf vun dëser Legislaturperiod zouhëlt.